LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 18 NOV. 2019

Réf. : 82fx07a51

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 NOV. 2019

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire no 1335 du 15 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet du site archéologique Titelberg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire no 1335 du 15 octobre 2019 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet du site archéologique Titelberg, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP no 1335

**Gemeinsam Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson a vum Minister fir Tourismus Lex Delles op déi parlamentaresch Fro n° 1335 vum 15. Oktober 2019 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

Wat d'Ofsécherung vun nei entdeckten archeologesche Sitten ugeet, sou gesäit d'Denkmalschutzgesetz vun 1983 vir, datt de Kulturminister iwwert all archeologesch Découverte informéiert gëtt, vir der Regierung et ze erlaben déi néideg Schutzmesuren z'ergräifen. De Centre national de recherche archéologique (CNRA) huet d'Missioun an och d'Méiglechkeet vir séier an en urgence kënnen ze reagéieren an d'Découverten ze securiséieren. Vir dës Fäll steet dem CNRA am Staatsbudget 2019 e „Crédit non limitatif et sans distinction d'exercice" vu 600.000 EUR zur Verfügung. Dernieft sief nach ze vermierken, datt de Budgetsposte vum CNRA vir archeologesch Recherchen an Aarbechten (y compris d'mise en valeur vun archeologesche Sitten) am Budget 2019 op 2.480.000 EUR erhéicht ginn ass, par rapport zu 1.500.000 EUR am Joer virdrun.

Mam Gesetzesprojet iwwert de kulturelle Patrimoine (parlamentarescht Dokument Nr. 7473) proposéiert d'Regierung d'Prozeduren ze vereinfachen an ze moderniséieren. Parallel dozou soll mat Mesure wéi enger „zone d'observation archéologique" an der Aféierung vum Prinzip vun der preventiver Archeologie vir méi Rechtssécherheet a Previsibilitéit gesuergt ginn.

Dernieft sinn d'Servicer vum Kulturministère am Gaang, an Zesummenaarbecht mat dem CNRA an dem Service des sites et monuments naionaux, un engem Konzept vir eng national Valorisatioun vun historesche Sitten (dorënner och den Tëtelbierg) ze schaffen, dëst souwuel um Niveau vun der Recherche, wéi och um Niveau vun der kultureller an touristescher Erschléissung.

Iwwert den touristesche Fënnefjoresplang kann de ministère de l'Economie Subventiounen accordéiere fir den touristesche Volet vu Projeten déi „d'mise en valeur touristique du patrimoine culturel, naturel et historique" virgesinn.

Aktuell si schonns verschidden touristesch Infrastrukturen um Tëtelbierg, dorënner e circuit autopédestre, e sentier national de randonnée an touristesch Informatiounstafelen. De CNRA huet en Depliant an eng Brochür editéiert, déi de Site an déi archeologesch Découverte presentéieren.

Et ginn och Guidage vun der Associatioun „Fond-de-Gras, Parc Industriel et Ferroviaire", a vum Office régional du Tourisme du Sud um Tëtelbierg offréiert, fir dës sensibel Zone, déi als „Natura 2000" an och als eng „zone à risque d'éboulement minier" klasséiert ass, touristesch erliefbar ze maachen. Deemno gëtt den Tëtelbierg elo schonn als touristesch Offer genotzt a vermaart.

De Site vun der Réimervilla zu Iechternach ënnersteet dem Musée national d'histoire et d'art a gëtt mat Visitten an Ateliere vir Erwuessener a Schoulklasse valoriséiert. 2018 goufen et 23 Visites guidées, 42 Visiten an Ateliere vir Schoulklassen an eng Journée découverte. Esou konnten 11.236 Visiteure gezielt ginn.

An de leschten 10 Joer goufen tëschent 70.000 EUR an 110.000 EUR pro Joer an d'Ausgruewungen a Recherchen um Tëtelbierg investéiert. Am Sënn vun der Conservatioun vun den archeologesche Reserve fir zukünfteg Chercheuren, ass net dru geduecht d'Ausgruewungen op dem Site ze verschäerfen, mee villméi op eng qualitativ héichwäerteg an nohalteg Recherche ze setzen.